KULTUR GESCHICHT
VU LËTZEBUERG

DOSSIER PÉDAGOGIQUE

KAPITEL 12

LËTZEBUERGER OLYMPESCH GESCHICHT

Auteur vum Kapitel: Pierre Gricius | **Redaktioun vum Dossier:** SCRIPT (Marc Birchen, Claude Karger)
Éditeur : SCRIPT, Service de Coordination de la Recherche et de l'Innovation pédagogiques et technologiques
33, Rives de Clausen | L-2165 Luxembourg | Boîte postale L-2926 Luxembourg
secretariat@script.lu | www.script.lu
Copyright: SCRIPT, 2021

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

SCRIPT
Service de Coordination de la Recherche et de l'Innovation pédagogiques et technologiques

De Josy Barthel gewënnt den 1500 m Laf op den olympesche Spiller zu Helsinki (1952).
Foto aus dem Archiv vum Sportsministère

ALEEDUNG

Ugefaangen huet et mat enger Rei vu Konferenzen, déi vum Institut de langue et de littératures luxembourgeoises vun der Uni Lëtzebuerg tëscht Februar a Mee 2018 ënnert dem Titel „Kulturgeschicht Lëtzebuerg“ organiséiert gouf. Doraus ass dunn eng Websäit mat deem selwechten Numm entstanen. Si gouf fir d’Schüler aus dem Secondaire classique a général entwéckelt.

Op der Websäit www.kulturgeschicht.lu fannt Dir momentan ënnerschiddlech Kapitelen iwwer verschidden Aspekter vun der Lëtzebuerger Kulturgeschicht, déi am Kader vum Optiounscours Lëtzebuerger Kultur a Literatur kënne beliicht ginn. D’Websäit gëtt nach duerch weider Kapitelen ergänzt. Hei en Iwwerbléck iwwer déi Deeler, déi schonn zur Verfügung stinn.

Den lerfgrooussherzog Jean iwwerreecht dem Josy Barthel d'Goldmedail, Foto aus dem Archiv vum Sportsministère

ZESUMMEFAASSUNG

LËTZEBUERG AN D'OLYMPESCH SPILLER

D'olympesch Geschicht vu Lëtzebuerg fänkt zu Paräis un. Awer net 1894, wou de Baron Pierre de Coubertin op der Sorbonne en internationale Kongress fir d'Neigrënnung vun den Olympesche Spiller vun der Neizäit organiséiert, déi fir d'éischt 1896 zu Athen iwwer d'Bün ginn, mee am Joer 1900 bei der zweeter Editioun vun de Spiller zu Paräis.

Deemools huet de Michel Theato bei staarker Hëtzt ganz iwwerraschend de Marathon gewonnen. Den Theato gouf den 22. Mäerz 1878 an der Stad, méi genee op der Nummer 8 an der Rue Louvigny gebuer. Säi Papp Jean war Händschemécher an ass op der Sich no enger Aarbecht mat senger Famill fir d'éischt op Bréissel an dunn op Paräis geplënnert. Hei ass de Michel an d'Schoul gaang an huet fir Konschtschräiner geléiert. Hien huet sech an der Banlieue zu Saint-Mandé néiergelooss an ass do am *Club amical et sportif de Saint-Mandé* Laangstreck gelaf.

Wéi de Michel Theato bei de Spiller 1900 laanscht déi fréier Festungsmauere vu Paräis gelaf an d'Zillinn vum Marathon passéiert huet, gouf d'Marseillaise gespillt. An der deemoleger Atmosphär vun iwwerhéichtem Nationalismus huet keen drop higewisen, datt den Theato eigentlech Lëtzebuerger war. Dem Michel Theato selwer schéngt dat kee Kappzerbrieches bereet ze hunn, méi wichteg fir hie war, datt säin Erfolleg him erlaabt huet, beim renomméierte Paräisser Club Racing ze lafen. Mee seng Karriär sollt net laang daueren. 1903 ass hie professionelle Leefer ginn, mee gläich drop huet hie wéinst enger Knéiverletzung missen ophalen. De Michel Theato ass 1919 veraarmt am Spidol vum Kremlin-Bicêtre zu Paräis gestuerwen.

Den Numm Theato ass eréischt 1990 nees an Artikelen opgetaucht. Mee d'Beméiunge vu Lëtzebuerger Säit, d'Goldmedail am Marathon bei den Olympesche Spiller 1900 fir Lëtzebuerg unerkennen ze loossen, sinn ouni Erfolleg bliwwen.

DEN AFLOSS VUM MAURICE PESCATORE

Am Verglach mat anere Länner ka Lëtzebuerg duerchaus als „verspéiten Natioun" am olympesche Sport bezeechent ginn. Eréischt 1910 taucht et op der Landkaart vum olympesche Sport op, an zwar duerch glécklech Ëmstänn an de Gescheck an d'Relatioune vum Maurice Pescatore.

Am Prinzip sollt den Internationalen Olympesche Kommitee seng Sëtzung vun 1910 zu Budapest ofhalen, mee d'Ungaren hate wéinst innepolitesche Problemer gefrot, den IOC eréischt 1911 ze empfänken. Datt Lëtzebuerg, dat 1909 mat der Organisatioun vun engem *Grand Concours International de Gymnastique* op sech opmierksam gemaach hat, dunn d'IOC-Sëtzung vun 1910 opgeholl huet, obwuel d'Land nach net Member am IOC war, däerft dem Maurice Pescatore ze verdanke sinn. Hie war deemools Direkter vun der Faïencerie Villeroy & Boch, Buergermeeschter vum Rollengergronn, liberalen Deputéierten a renomméierte Sportler. Als Schwoer vum Gaston Barbanson, dem Grënner vun der Arbed, hat hien och enk Kontakter zur belscher Uewerschicht.

Well et nach keen Nationalen Olympesche Kommitee gouf, huet de Pescatore virun allem seng Relatiounen zur Regierung an zu de Responsabele vun der Haaptstad spille gelooss. Den IOC huet vum 1. bis 13. Juni am deemools neie Cercle an der Stad seng Reunioune gehalen. An de Baron de Coubertin huet dono de Maurice Pescatore als neie Member vum IOC virgeschloen, e Virschlag, deen 1911 bei der Sëtzung zu Budapest formaliséiert gouf.

EISCHT MEDAILEN – AM GEWIICHTHIEWEN AN AN DER KONSCHT

1912 gëllt als Grënnungsjoer vum Lëtzebuerger Nationalen Olympesche Kommitee. Fir d'éischt gouf eng Lëtzebuerger Delegatioun op d'Spiller zu Stockholm geschéckt. Zwanzeg Turner an zwee Athleete waren dobäi, ugeféiert vum Maurice Pescatore. Déi Lëtzebuerger Turner sinn souguer op déi 4. Plaz an der Ekippekompetitioun komm. Déi éischt dräi Joerzéngte vum NOK waren ëmmer erëm vu finanzielle Suerge gepräägt, d'Participatioun u Sportsevenementer am Ausland war deier. An engems huet den NOK awer och eng zolidd Aarbecht geleescht, fir dem Lëtzebuerger Sport eng gewësse Grondlag ze ginn. Déi éischt olympesch Medaile krut Lëtzebuerg am Gewiichthiewen – an an der Konscht. De Gewiichthiewer Joseph Alzin (1893-1930) hat bei de Spiller zu Antwerpen 260 Kilo an der Schwéiergewiichtskategorie gestemmt a krut dofir d'Sëlwermedail, déi éischt offiziell olympesch Medail fir Lëtzebuerg. De Baron de Coubertin hat drop gedrängt, datt vun 1912 u Konschtconcoursen op den olympesche Programm sollte kommen. Bei de Spiller 1924 zu Paräis huet den Zeechner a Moler Jean Jacoby esou d'Goldmedail kritt an de Sculpteur Frantz Heldenstein d'Sëlwermedail.

Am NOK ass et no de Spiller vun 1924 drënner an driwwer gaangen. De President Maurice Pescatore huet d'Handduch geworf, nodeems den Auguste Razen probéiert hat, hien ze stierzen. 1925 huet de Jean Jacquemart Reformen an d'Weeër geleet, éischt Statutte goufen ausgeschafft, d'Roll vun de Verbänn nei definéiert an Norme fir d'Bedeelegung un den Olympesche Spiller ageféiert.

En Dauertheema an den 1920er Jore war de Bau vun engem Nationalstadion fir de Lëtzebuerger Sport, dee schliisslech 1931 op der Areler Strooss an der Haaptstad fäerdeggestallt ginn ass. Vill Diskussioune gouf et och iwwer d'Bedeelegung vu Lëtzebuerg un de Spiller zu Berlin 1936, wou d'Nazien d'Muecht iwwerholl haten. Mat Ënnerstëtzung vun der Lëtzebuerger Regierung huet schlussendlech eng relativ grouss Lëtzebuerger Ekipp deelgeholl.

NEIEN OPBROCH NOM ZWEETE WELTKRICH

Nodeems d'Nazie Lëtzebuerg den 10. Mee 1940 besat haten, hunn si de Sport zu Lëtzebuerg an d'Strukture vum Drëtte Räich integréiert, d'Veräiner an de Lëtzebuerger Olympesche Kommitee goufen opgeléist. No der Befreiung gouf et eng Opbrochstëmmung am Lëtzebuerger Sport. Schonns den 8. Oktober 1945 ass en Arrêté grand-ducal concernant l'éducation physique, l'organisation sportive et l'hygiène sociale publizéiert ginn. Am September 1946 huet den LOK-President Gust Jacquemart bei der IOC-Sëtzung zu Lausanne den Ierfgroussherzog Jean als Lëtzebuerger Member virgeschloen. Wéinst internen Differenzen tëscht LOK-Membere war zanter 1929 kee Lëtzebuerger méi am IOC. 1948 hat de Prënz Jang erreecht, datt déi olympesch Fakel virun de Spiller vu London och duerch Lëtzebuerg gedroe gouf – fir déi éischt a bis elo eenzeg Kéier.

D'STÄRESTONN VUM JOSY BARTHEL

De 26. Juli 1952 konnt Lëtzebuerg sech iwwer seng éischt offiziell olympesch Goldmedail freeën: De Josy Barthel huet zu Helsinki de 1.500-Meter-Laf gewonnen. Leider awer gouf déi Victoire net als Sprangbriet genotzt, fir de Lëtzebuerger Sport virunzebréngen. D'Olympesch Spiller 1960 zu Roum sinn doheem als Fiasko wouergeholl ginn. Dat hat domat ze dinn, datt manner déi sportlech Leeschtungen am Virfeld vun de Spiller betruecht gi sinn, mee d'Verbänn mat dem LOK doriwwer gefeilscht hunn, wéi vill Vertrieder si dann an der Delegatioun zegutt hätten. No de Spiller vun 1960 ass dunn e „Livre Blanc“ ausgeschafft ginn, fir eng Bestandsopnam vum Sport zu Lëtzebuerg ze maachen a Reformen unzeleieren. D'1970er waren effektiv e Joerzéngt vu Reformen, besonnesch ënnert dem Josy Barthel, deen 1972 President vum LOK gouf, aus deem de *Comité Olympique et Sportif Luxembourgeois* gemaach gouf, deen duerch en neit Sportgesetz och déi néideg institutionell Unerkennung krut.

D'FRO VUM BOYKOTT VUN DE SPILLER 1980 ZU MOSKAU

Um Enn vun den 1970er-Joren huet sech d'Fro gestallt, wéi ee sollt mat dem US-amerikanesche Boykottopruff fir d'Spiller vu Moskau 1980 ëmgoen. 1979 war d'Sowjetunioun an Afghanistan amarschéiert an den US-President Jimmy Carter hat den US-NOK forcéiert, net un den Olympesche Spiller deelzehuelen. Am Kale Krich hunn déi meescht westlech Länner gemengt, si missten den Amerikaner alles nomaachen. Och zu Lëtzebuerg huet d'Regierung den COSL dozou opgeruff, net op Moskau ze reesen. De President Gérard Rasquin huet awer op d'Autonomie vum Sport gepocht. Den 22. Mee 1980 gouf dunn decidéiert, datt Lëtzebuerg just un de Competitiounen deelhëlt an net un den offiziellen Zeremonien an aneren Evenementer.

An den 1980er huet och déi fir d'éischt vum malteeseschen NOK developpéiert Iddi vun de Spiller vun de klenge Länner sech konkretiséiert. Zanter der éischter Editioun an Andorra 1985 fannen si am Prinzip all zwee Joer statt.

SËLWER AM WANTERSPORT

1992 huet Lëtzebuerg seng éischt Medailen am Wantersport kritt. Bei de Spiller vun Albertville huet de Marc Girardelli Sëlwer am Riseslalom an am Super-G erreecht. De Fall Girardelli ass awer e ganz speziellen: d'Leeschtunge vum gebiertegen Éisträicher, deen 1987 per Gesetz d'Lëtzebuerger Nationalitéit krut an och 1988 an 1996 fir Lëtzebuerg bei den olympesche Spiller ugetratt ass, war net der Lëtzebuerger Sportförderung geschëlt, mee villméi him selwer a sengem Papp Helmut, déi laang am internationale Schizirkus ënnerwee waren.

Bei de Summerspiller sinn d'Leeschtunge vum Danièle Kaber (7. am Marathon 1988 zu Seoul), Nancy Kemp-Arendt (10. beim Triathlon zu Sydney 2000), Kim Kirchen (6. am Stroosserenne mam Vëlo zu Athen 2004) an Andy Schleck (4. am Stroosserennen zu Peking 2008) ervirzehiewen.

PEDAGOGESCHE VOLET

1. KUERZEN IWWERBLÉCK

Dëst Kapitel beliicht déi Lëtzebuerger olympesch Geschicht, vun den Exploite vu Lëtzebuerger Athleeten, hirem Encadrement bis hin zu der Lëtzebuerger Participatioun am Internationalen Olympesche Comité (IOC).

2. LÉIERZILER

WËSSEN:

- D'Schüler kennen déi graff Zich vun der Lëtzebuerger olympescher Geschicht.
- Si kënnen Hypotheese formuléieren, fir ze erklären, wisou sportlech Exploite fir eng Natioun wichteg sinn.

METHODEKOMPETENZEN:

- Si verbesseren hir Fäegkeeten am Beräich vun der Textanalys.

3. AUFGABEPROPOSEN

An dësem Kapitel kéint den Ëmgang vun de Medien an der Ëffentlechkeet mat sportleche Leeschtunge vu Lëtzebuerger Olympionike behandelt ginn. Online an Archivrecherchen erméiglechen et, Titelstoryen, Artikelen aus der Press, Social-Media-Bäiträg asw. vu Lëtzebuerger Exploiten op olympesche Spiller ze identifizéieren. Dobäi stellen sech follgend Froen:

- Wéi ginn des Exploiten an der Lëtzebuerger / auslännescher Press behandelt?
- Wéi ginn des Exploiten am ëffentleche Raum behandelt? (Bsp. Denkmäler)
- Ginn et Begréffer, déi ëmmer nees optauchen (z. B. Held, Disziplin, Lëtzebuerg ...)?
- Gi Metapheren oder Vergläicher gebraucht?
- Wéi gëtt de Sportler beschriwwen?
- Wéi gëtt en olympesche Mësserfolleg kommentéiert?

4. DISKUSSIOUNEN

D'Roll vum Sport an der Gesellschaft/an der Schoul.

Sollten Olympesch Spiller a Länner, déi sech net un d'Mënscherechter halen, boykottéiert ginn?

Sportler als modern Nationalhelden?

5. VISITTEN AN ENTREVUEN

- - Interviewe mat Lëtzebuerger Sportler, déi un den Olympesche Spiller deelgeholl hunn.

NOTES: